N°1570
Entrée le 18.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 1570 vum 22. November 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Statistike vun der CFL iwwer d'Pénktlechkeet vun den Zich**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Statistike vun der CFL iwwert d'Pénktlechkeet vun den Zich.

D'Erhiewen an d'Sammele vun Donnéeën iwwert Verspéidunge vun Zich an Zuchausfäll, baséierend op der Auerzäit, gi fir intern Pénktlechkeetsanalysen duerchgefouert. D'CFL, ewéi de groussen Deel vun den Eisebunnsgesellschaften, publizéiert dës allerdéngs net reegelméisseg. Et ginn, notamment, keng länneriwwergräifend harmoniséiert Reegelen an dësem Beräich an Lëtzebuerg huet e proportional héigen Undeel un transnationalen Zuchverbindungen, wat Vergläichbarkeet vun Donnéeë schwéier mecht.

D'Donnéeën zu der Haaptverkéierszäit si bei der SNCB (Société nationale des chemins de fer belges) effektiv an enger aggregéierter Form verfügbar. D'CFL publizéiert dës allerdéngs net reegelméisseg.

D'CFL definéiert d'Spëtzestonn moies vun 7:00 - 9:00 Auer an owes vun 17:00 - 19:00 Auer, jee no Arrivée vum Zuch (Zäit um Grenzpunkt fir d'Zich déi aus dem Land erausfueren). No dëser Definitioun, bedréit d'Pénktlechkeet zu der Haaptverkéierszäit vu Méindes bis Freides ouni Feierdeeg vu Januar bis Oktober 2024 86,9%.

Wéi op der Internetsäit vun der CFL ënnert dem Link: https://www.cfl.lu/fr-fr/punctuality uginn, berécksiichtegt d'Pénktlechkeet, sou wéi se ëffentlech duergestallt ass, schonn déi suppriméiert an deelsuppriméiert Zich.

Am Joer 2024 (Januar bis Oktober) hat d'CFL eng global Pénktlechkeet vun 90,9%. Vu 1.000 geplangten Zich waren der deemno 909 pénktlech, 62 verspéit, 9 deelsuppriméiert an 20 ganz suppriméiert.

Et sief och unzemierken, dass dës Definitioun däitlech méi restriktiv ass, wéi bei all den Nopeschreseauen. Am Pénktlechkeetsindikator vun der Deutschen Bahn (DB) an am haapt Pénktlechkeetsindikator vun der SNCB ginn d'Ausfäll net consideréiert. D'SNCF (Société nationale des chemins de fer français) huelen d'Ausfäll an hire Pénktlechkeetsstatistiken op, awer een Zuch gëllt nëmmen dann als ausgefall, wann en um Virdag um 16:00 Auer (SNCF) entplangt gouf.

Bei der CFL bezéien all d’Indicateuren och d’Verspéidungen géintiwwer dem geplangten Fuerplang aus dem Ausland an.

All dës Donnéeë ginn erfaasst, mee net publizéiert a si just am PDF-Format disponibel.

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2024

D’Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes